



Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°7836 vum 29. März 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer net wouergeholl Rendezvousen

1. Wéi vill Rechnunge goufen an deene leschte 5 Joer un d'CNS geschéckt wou een "Rendez-vous non observé" facturéiert ginn ass?

Den Tableau 1 weist d'Unzuel un Rechnungen fir e "Rendez-vous non observé", deen den Assuréen vun der lëtzebuergescher Krankeversécherung zwëschent 2018 an 2022 facturéiert gouf. Wann d'Rechnungen vun den Assuréen net bei der CNS rageschéckt goufen, sinn des net am Tableau 1 beinhalt.

Am Joer 2018 goufen 1 536 esou Rechnungen un d'CNS geschéckt an an der Datebank encodéiert, an 2022 waren et der 1 367. Dëst entsprécht enger Baisse vun 13,3% ob 5 Joer.

Tableau 1: Evolutioun vun der Unzuel un facturéierten "Rendez-vous non observé" fir Assuréen zwëschent 2018 an 2022 fir déi d'Rechnung un d'CNS rageschéckt gouf

	2018	2019	2020	2021	2022 ^{a)}
Unzuel un " Rendez-vous non observé "	1 536	1 396	1 177	1 417	1 367

Quell : Centre commun de la sécurité sociale, Berechnung IGSS.

a) Provisoresch Donnéeën fir 2022.

2. Huet d'CNS Estimatiounen, wéi oft esou Facturen am Joer ausgestallt ginn?

D'CNS huet déi gefrotten Donnéeën net.

Lëtzebuerg, den 2. Mee 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen